International Konferenz am Kader vum europäischen Projet « Réussir la politique d'égalité des femmes et des hommes dans les communes" vum Ministär de l'Egalité des chances

Usproochen vum Gilles Roth, député-maire
Marie-Josée Jacobs, Ministesch vum Chancengläichhéetsministär
Jean-Marie Halsdorf, Minister vum Interieur
Jean-Pierre Klein, Präsident vum SYVICOL
Representants vun Danemark a Slovenien

Ich willt vir d'allereischt den Conseil National des Femmes du Luxembourg kuerz virstellen. De CNFL ass eng Dachorganisatioun vun 13 Fraenorganisatiounen déi sech fir eng gläichberechtegt Gesellschaft teschent Fraen a Männer asetzt. Eemol de Mount kennt de Verwaltungsrot zesummen fir iwwert aktuell politesch a gesellschaftlech Themen ze diskutéieren an Stellung duerzou ze huelen. Et gin Avis a Propositiounen ausgeschafft, et gin Formatiounen an Aktiounen zum Thema Fraen an der Gesellschaft organiséiert. De Conseil géréiert och en Fraenhaus den Foyer Sud zu Esch. Héi fannen Fraen an enger Noutsituatioun éen Ënnerdaach an hin gett gehollef erëm opp d'Béen ze kommen.
Duerch eng Konventioun mam Chancengläichheetsministär ass et dem Conseil méiglech dräi Mattarbechterinnen ze hun déi haaptberufflech fir hien kenne schaffen.

E klenge Reckblèck op d'Entstehung vum der Aktioun an dem Service „Politique communale d'égalité entre femmes et hommes":

Op dem Internationalen Fraendag, den 8. März 1995, an am Kader vum sengem 20$^{en}$ Anniversaire, lancéiert de Conseil National des Femmes du Luxembourg, op Initiative vun der Madame Monique Laroche-Reef, Member am Conseil an och Member vum Réseau européen « Les femmes dans la prise de décision » seng Aktioun « Promotion d'une politique communale d'égalité des chances entre femmes et hommes ». D'Aktioun gett vum SYVICOL ennerstëtzt an stéet ennert dem Patronage vum Ministère de la Promotion féminine (dem aktuellen Chancengläichheetsministär), dem Ministère du Travail et de l'Emploi an dem Ministère de l'Intérieur. Den Conseil National des Femmes huet dess Aktioun agefouert fir d'Gläichstellungspolitik vun Fraen a Männer um Gemengenniveau ze förderen. et

géet net nemmen drems op déi bestoend Déséquiliber tëschent den Fraen an de Männer um lokalen Plang opmierksam ze maachen, mée d''Gemengen gin, emmer rems, opgefuedert un der Aktioun déelzehuelen, d'Gläichstellung vun de Fraen an de Männer ze förderen an déem se mol fir d'éischt d'Persounen désignéieren déi sech mam Thema vun der Gläichstellung vun Fraen a Männer an den Gemengen befaassen. Schons 1995, huet de CNFL duerfir e „Guide à l'égalité des chances entre femmes et hommes" ausgeschafft, déen den Gemengen eng Hellefstellung gett fir d'Gläichstellung teschent Fraen a Männer an den Gemengen emzesetzen. Esou kruuten a kreien si och nach emmer un d'Häerz geluecht:

- eng oder éen Déléguée à l'égalité entre femmes et hommes ze désignéieren. Dess Persoun soll Member vun Schäffen- oder Gemengerot sin.
- Eng berodend Gläichstellungskommissioun ze grënnen,
- An di grouss Gemengen sollen en Gläichstellungsservice, matt qualifizéiertem Personal an d'Liewen ruffen. Et ass wichteg drop hin ze weisen datt dësen Service dem Schäfferot soll ënnerstoen an an hirer Administratioun agebonnen soll sin. Déi kleng Gemengen kënnen gemeinsam esou éen Service op regionalem Plang, grënnen.

Natiirlech léisst den CNFL d'Gemengen net alleng do stoen. Duerch eng Konventioun mam Chancengläichheetsministär gouf, 1997, eng professionnell Mataarbechterin agestallt déi sech em d'Gläichstellungspolitik teschent Fraen a Männer um Gemengeplang kemmert. Den Service "Politique communale à l'égalité entre femmes et hommes" well d'Gemengen esou vill wéi méiglech ënnerstëtzen. Esou organiséiert den Service zwéemol am Joër eng Réunioun fir all Gläichstellungsorganer aus dem Land. All d'Déléguéen, all d'Member vun den Gläichstellungskommissiounen an all d'Responsabel vun den Servicer gin invitéiert un enger Reunioun déelzehuelen, déi nieft spezifischen Themen, zum Austausch ënnereneen uréegt, an en Netzwierk teschent desen Akteuren opbaut. All d'Aktivitéiten vun

den Chancengläichhéetsorganer sief daat Konferenzen, Couren oder Ausstellungen, kennen op éisem Internetsite konsultéiert gin, a den CNFL bidd seng Hellef bei der Organisatioun vun engem Aktioun un.

Matt der Ënnerstetzung vum Conseil, kommen och d'Responsabel vun den Gläichstellungsservicer véier Mol d'Joer zesummen. Si hun sech zu engem Reseau zesummengedon, fir hir Erfaarungen auszetauschen an un spezifischen Formatiounen déelzehuelen. Si sin Pionnéierinnen, déi hir Experienzen sammelen fir den nächste Gemengen déi éen Service welle grënnen, schons déi wichtegst Erkenntnisser matt op de Wee ze gin.

Den Conseil National des Femmes bidd awer och Couren fir déi aaner d'Gläichstellungsorganer un. Themen wéi, „Waat sin d'Aufgaben vun enger Gläichstellungskommissioun?“, „Ewéi schwätzen ech virun engem Grupp?“ oder „Zäitmanagment“ sin e puer Sujets déi an dësen Atelieën proposéiert gin. No den läschten Gemengewalen, hun mir speziell eng Formatioun fir déi nei Gläichstellungskommissiounen matt der Hellef vun der Madame Renée Wagener ausgeschafft. „L'égalité entre femmes et hommes dans ma commune“  a ass eng Formatioun déi sech aus dräi Modulen zesumme setzt. Den éischte Volet ass den historeschen Déel, déen d'Entwicklung vun der politescher Partizipatioun vun den Fraen zu Lëtzebuerg retracéiert an awer och d'aktuellt Verhältniss teschent d'Fraen a Männer an där Gemeng ewou d'Formatioun ofgehaale gett, duerstellt. Den zwéete Module präsentéiert d'Beräicher ewou d'Gläichstellungspolitik um Gemengeniveau ugewannt soll gin. An am drëtten Module gëtt ennert aanerem en Aktiounsplang matt den Participant-en ausgeschafft. Säit engem gudde Joer gin mir an déi jeweileg Gemengen dess Formatioun ofhaalen, an déi éischt Resultater sin ganz positiv. Esou hun 20 Gemengen dëss Formatioun ugefroot, datt ass net graad d'Halschecht vun den 46 Gemengen déi eng Gläichstellungskommissioun hun. Dëss Formatioun gëtt och evaluéiert, well mir kucken op d'Léit zefridde woren, op d'Couren hir Erwaardungen erfellt hun, ma op den éischten Blèck schéinen d'Léit ganz zefridden ze sin. Et géet awer natiirlech net duer datt d'Gemengeresponsabel Léit désignéieren

déi d’Gläichstellung vu Fraen a Männer virundréiwen ouni datt si selwer hannert dëser Politik stinn an se vehement vertrieden. Duerfir proposéiert den CNFL den Gemengen- a Schäfferéit, eng kuerz Aféierung an d’Gläichstellungspolitik:

- Waat ass d’Gläichstellungspolitik?,
- ewei setzen ech dess Politik em?
- Waat ass den Gender Mainstreaming, wéi gett dess Strategie applizéiert?
- Wéi setzen ech en Aktiounsplang em?

Op all dëss Froen gëtt dësen Informatiounsowend eng Äntwert. Duerzou gin nach déi verschidden Domäner aus der Gemengepolitik déi „gegendert“ solle gin präsentéiert.

Am Virfeld vun den Gemengewalen proposéiert den Conseil National des Femmes och Aktiounen déi sech un d’Frae riichten déi hir ’Kandidatur fir d’Gemengewale stellen. Fir si ze ennerstëtzen bidde mir d’Formatioun „Fit für die Gemeindepolitik“un. Dëss Seminären gin en Ablèck an d’Gemengepolitik: Waat sin d’Aufgaben vun der Gemengegewielten? Waat stéet am Gemengegesetz? Ewei fonktionnéieren déi verschidden Gemengenorganer, -gremien a –servicer? sin Themen déi an dësen Couren behandelt gin.

Als Zéechen vun Solidaritéit a Sympathie matt den Kandidatinnen hun mir och den 2 Oktober 1999 den „Fraebësch“ zu Lelljen an d’Liewen geruff. Fir all 795 Kandidatinnen gouf, matt der Ennerstëtzung vum Haus vun der Natur, e Baam gepflanzt, déen ewéi mir hoffen, am Laaf vun de Joren, grouss a staark gett, an aaneren Fraen Courage mecht, sech an d’Politik ze engagéieren. Eng ähnlech Aktioun hun mir am Baambësch gemaach, ewou 922 Arbusten a Stauden, matt Hellef vun der Staat Lëtzebuerg, fir d’Kandidatinnen vun den Gemengewalen 2005 geplanzt gi sin.

Nieft Sensibiliséierungs- an Informatiounskampagnen gin och déi néideg Bestandsobnahmen gemaach déi op Desequiliberen teschent Fraen an Männer an der Gemengenpolitik hiweisen. Säit 1998 analiséiert den CNFL d’Zesummensetzung vun den berodenden Gemengekommissiounen. Wann

global gekuckt de Prozentsaatz vun den Fraen an de Kommissiounen vun 21% op 31% geklommen ass, esou muss éen awer festhaalen datt d'Fraen sech, zum gréissten Déel, an den esougenannten „sozialen" Domänen engagéieren, an dass si manner an den „teschneschen" Kommissiounen ze fannen sin.

1999, ass och den „Observatoire de la participation politique des femmes aux élections" an d'Liewe geruff gin. Matt der Ënnerstetzung vum Chancengläichheetsministär, organiséiert de Conseil dësen Observatoire am Virfeld vun den nationalen, den europäeschen an den kommunalen Walen. Och héi schielt sech däitlech eraus datt d'Fraen an der Politik nach ëmmer ënnerrepräsentéiert sin. Dësst gëllt besonnesch an der Chamber, ewou d'Fraen säit den läschten dräi Walen 20% vun all den Députéierten ausmaachen. A wann 1999, nemmen 15% Fraen an d'Gemengeréit gewielt goufen, esou hun si béi de läschten Walen, d'Fraen aus der Chamber iwwerholl, well si maachen elo 20,6% vun de Gemengevertrieder aus. Et bleiwt also nach wie vor wichteg, un d'Parteien, un d'Regirung an och un déi aaner politesch Responsabel ze appeléieren, d'Gläichstellung teschent Fraen a Männer an der Politik virunzedréiwen. Den Conseil gett net midd den politesch Verantwortlechen seng Revendicatiounen déi d'Institutionnaliséierung vun der Gläichstellungspolitik an den Gemengen fuerdert, emmer rem ze ënnerbréeden. De Conseil fuerdert:

- D'pariteitesch Besetzung vun den Gemengekommissiounen
- Obligatoresch Gläichstellungskommissiounen an den Gemengen déi méi wi 1.000 Awunner hun an
- En obligatoreschen Gläichstellungsservice an den groussen Gemengen matt qualifizéiertem Personal, an den klengen Gemengen e regionale Service.

Dir gesidd also datt de Conseil National des Femmes säit laange Joren sech fir d'Gläichstellung teschent Fraen a Männer asetzt. Waat fir éen Succès kenne mir dann bis elo verzéechnen. Et ass natiirlech schwéier den Succès numeresch ze moossen mée e puer Zuelen kenne mir iech matt op de Wee gin.

Um Niveau vun der Evolutioun vun der Unzuel vun den Gläichstellungsorganer kann éen festhaalen, datt um Ufank vun der Aktioun, d.h. 1995, 38 Gemengen, ongeféier éen Drëttel vun all de Gemengen, eng oder éen Délégué à l'égalité entre femmes et hommes désignéiert hun, haut zielen mir do 67 Gemengen dh méi wi d'Halschecht. Um Niveau vun den Gläichstellungskommissiounen huet sech och ganz vill gemaach.1995 goufen et mol just 4 Gemengen déi eng Kommissioun ernannt haaten, haut sin et 46 Gemengen. 1995 gouf et éen Service, déens schons déemols iwwert e puer Joer fonktionnéiert huet, daat wor den Service à la Condition Féminine zu Béetebuerg, haut héescht enn « Service à l'égalité entre femmes et hommes » an 7 aaner Servicer sin dobäi komm, dorenner éen régionalen Service.

Um niveau vun der Repräsentatioun vun den Fraen an de Gemengeréit, huet sech, wei ech schons gesoot hun och eppes gedoen. Kandidaturen? Wann 1999 15% vun den Gewielten, Fraen woren, esou maachen d'Fraen haut 20,6% vun den Gewielten aus. Dess Progressioun vun 5,6 Prozentpunkten gouf och schons vun 1993 op 1999 verzéechent mee mir hoffen natiirlech datt bei den nächsten Walen nach méi Fraen wärten gewielt gin.